



► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech ginn lech just d'Wahlresultat.

► **Une voix.**- Très juste! Très juste!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- 31 zu 28 ass eng Majoritéit an de Projet ass domat ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7075 est adopté par 32 voix pour et 28 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Alex Bodry), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Martine Mergen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

D'Dispens vum zweete Vott? Hunn ech do Jo héieren?

► **Plusieurs voix.**- Jo!

► **D'autres voix.**- Neen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Okay. (*Hilarité*)

Ah ben, mir kënnen awer och driwwer ofstëmmen.

(*Négation*)

► **Une voix.**- Neen, neen, dat ass an der Rei.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ass dat an der Rei?

(*Assentiment*)

Merci.

Da géife mer zum nächsten a leschte Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen, de Projet 7076 betreffend d'Schafung vum nationale Programmrot. An de Rapporteur, den Här Claude Lamberty, ass prett.

4. 7076 - Projet de loi portant sur le développement curriculaire de l'Éducation nationale et modifiant

1° la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire général;

2° la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet 1. la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques; 2. la création d'un «Centre de gestion informatique de l'éducation»; 3. l'institution d'un Conseil scientifique;

3° la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Claude Lamberty (DP), rapporteur.**- Här President, ech hunn et virdru bei mengem éischte Rapport schonn uklénge gelooss: Nieft dem Observatoire national de la qualité scolaire, also der Stëmm vun der Wëssenschaft, gëtt haut - ech wollt soen: „de Mëtteg“, mä et ass schonn Owend -, nach eng zweet onofhängeg Struktur geschaaft, nämlech den nationale Programmrot.

Den nationale Programmrot gëtt d'Stëmm vun der Gesellschaft...

(*Brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Kolleegen, wann ech gelift, de Rapporteur huet d'Wuert!

► **M. Claude Lamberty (DP), rapporteur.**- Dat ass léif.

Den nationale Programmrot gëtt d'Stëmm vun der Gesellschaft a soll virun allem analyséieren, ob d'Matière, déi an de Schoulen enseignéiert gëtt, der Entwécklung vun eiser Gesellschaft a Beruffswelt och entsprécht.

Léif Kollegeinnen a Kolleegen, mir hunn an deene leschte Joren a Joréngten a ville Beräicher grouss Schrëtt no vir gemaach. Virun deene sozialen, ekonomeschen an technologesche Fortschrétt an och Verännerungen dierf natierlech och d'Schoul keen A zoumaachen.

Mir brauchen e Bildungssystem, deen no vir gerichtet ass, op d'Zukunft virbereet an eise Schüler dat Wësse mat op de Wee gëtt, dat se duerno dann och brauchen, fir hiren eegene Wee an der Gesellschaft ze fannen an ze maachen. Eis Schoulprogrammer mussen dëst kloert zil iwwert déi ganz Schoulzäit erëmspigelen, an zwar vun der fréierer Spillschoul bis hin zu engem Ofschlossdiplom.

Am Ausland ginn et Länner, déi sech dofir schonn e sougenannten „cadre curriculaire“ zougeluecht hunn. Dozou gehéieren zum Beispill Länner wéi Finnland oder och Neuseeland.

De Cadre curriculaire ass am Fong d'Tramschinn, un där sech déi verschidde Schoulprogrammer an Apprentissagë sollen a mussen orientéieren. Domadder suergt ee fir eng transversal Kohärenz vun de Schoulprogrammer a vun deene Saachen a Wäerter, déi een de Schüler am Laf vun hirer Schoulcarrière wëllt vermëttelen.

Den nationale Programmrot, dee mat dësem Projet de loi also geschaaft gëtt, kritt als Mission, dem Bildungsminister a genau deene Froen zur Säit ze stoen, hien objektiv ze beroden an him och Recommandatiounen mat op de Wee kënnen ze ginn. Hie suivéiert dofir déi gesellschaftlech, technologesch, kulturell, ekologesch a politesch Evolutiounen an analyséiert, ob d'Programmer deenen neiën Exigence gerecht ginn oder ob een net awer misst déi eng oder och aner Upassung virhuelen.

Fir dëst ze maachen an dann och wierklech d'Stëmm vun der Gesellschaft kënnen ze sinn, muss natierlech eng gewëssen Ouverture no bausse do sinn. Dofir kann den nationale Programmrot Administratiounen, Organisatiounen, Associatiounen oder soss Interlocuteurs aus der Zivillgesellschaft ëm e Feedback froen. E kann natierlech och op Experte vun enger bestëmmter Matière zrëckgräifen, falls dat als néideg empfongt gëtt.

Den Text, iwwert dee mer haut ofstëmmen, gesäit och vir, dass de Programmrot Foren organiséiert, wou verschidde Verrieder aus der Zivillgesellschaft mateneen iwwer pertinent Sujeten diskutéieren. Dëst soll den Debat fërderen a virun allem d'Schoul an d'Gesellschaft méi no beieneebréngen. De Programmrot kann zudeem souwuel op seng eegen Initiativ Avisen oder Recommandatiounen ausschaffe wéi och vum Minister fir bestëmmten Theme beoptragt ginn.

Nodeems ech elo erkläert hunn, wat e mécht, bleift natierlech d'Fro: Aus wem setzt sech de Programmrot zesummen? D'nämlecht wéi beim Observatoire virdru besteet och de Programmrot aus aacht Leit. Dës kommen aus ënnerschiddleche Beräicher, wéi zum Beispill der Économie, der Kultur, dem associative Beräich. Jee, och d'Kompositioun vum Programmrot soll an engem gewëssene Mooss d'Gesellschaft erëmspigelen. Si gi fir e Mandat vun dräi Joer genannt. Dat Mandat kann natierlech verlängert ginn.

Här President, en zweete Volet vun dësem Projet de loi betrëfft déi national Programmkommissionen. Änlech wéi de Secondaire kritt och elo de Fondamental eng gesetzlech festgeluechte Programmkommission, déi aus Enseignanten a Regionaldirektoren besteet an déi de Minister soll a verschiddene Beräicher beroden oder eegen Avise schreiwen.

Dat sinn, wéi gesot, Leit vum Terrain, déi sech kënnen zu verschiddene Sujeten äusseren a Propositionen maachen. Dat geet an deenen ënnerschiddlechen Domäne vum Plan d'étude iwwer didaktescht Material am Fondamental bis hin zur Formation continue.

Här President, Léif Kollegeinnen a Kolleegen, fir weider Präzisierungen zum nationale Programmrot oder der nationaler Programmkommission verweisen ech gären op mäi schrëftleche Rapport, ginn heimadder den Accord vun der Demokratescher Partei a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Rapporteur. An d'Wuert huet elo d'Madam Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President, an och e grouse Merci un de Rapporteur, den Här Lamberty. Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi ginn dräi Saache geregelt: Et gëtt e Conseil national des programmes agefouert, et gëtt eng nei Base légale geschaaft fir d'Programmkommissionen am Secondaire an et gi Programmkommissionen an der Grondschoul geschaaft.

Wann de Projet de loi just dësen drëtten Punkt hätt, da kéinte mir mat Freed den Accord ginn als CSV. An, wann ech der DP elo géif wëllen eng Freed maachen, da misst ech elo ophale mat schwätzen, well elo riskéieren ech jo ze politiséieren, well ech sinn net mat allem averstannen, wat bei deenen aneren zwee Punkten ass.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech fänke bei der Programmkommission am Secondaire un. An do hunn ech eng Fro zur Berufsausbildung: Wou ass déi legal Basis fir d'Commissions nationales de l'enseignement général vun der Berufsausbildung? Ech erkläre mech:

An der Berufsausbildung ginn et zwou Commission-nationallen: Dat eent ass d'Commission nationale de formation - déi ass mam Gesetz vun der Berufsausbildung ofgedeckt -, an et ginn d'Commissions nationales de l'enseignement général. An dësem Projet de loi gëtt awer elo just nach vum Enseignement secondaire classique a vum Enseignement secondaire général geschwat. An an deem alen Technique hu mer bei der Reform vum Secondaire am Summer, u sech bei deem neie Général, do hu mer d'Berufsausbildung erausgeholl. Also, wou ass déi legal Basis fir dës Programmkommissionen vun der Berufsausbildung?

Ech hat dat schonn an der Kommission gefrot. Ech krut keng Äntwert. Ech hoffen dann, datt ech haut eng Äntwert kréien, well dat mécht mer definitiv Suergen. Ass d'Berufsausbildung an der Reform vläicht einfach vergiess ginn? Och scho vläicht am Summer einfach vergiess ginn?

Da kommen ech bei de Conseil national des programmes. Ech hunn de Regierungsprogramm gelies. «Un Conseil national des programmes sera instauré qui devra veiller à la cohérence des enseignements depuis l'école fondamentale jusqu'à la fin de la scolarité et qui sera chargé de vérifier la cohérence entre les programmes des différentes disciplines scolaires.»

Ben, ausser datt ech net onbedéngt averstane sinn, datt ee fir dës Aufgaben erëm en neit Gremium brauch, sou fannen ech d'Aufgaben dach sennvoll. Fir d'Kohärenz vun de Programmer tëschent der Grondschoul an dem Secondaire, mä och tëschent den Disziplinen ze suergen, dat wär wichteg an noutwendeg. Mä leider ass genau déi Aufgab net am Projet de loi als Mission vum Conseil définéiert ginn. Schued!

An deem anere Punkt, deen am Regierungsprogramm steet, ass: «Il travaillera en étroite collaboration avec les commissions nationales de programmes.» Esou misst et sinn. Mä och dat ass net am Text dran. Au contraire! Mir kruten erkläert, datt keen direkte Lien vum gesellschaftleche Secteur vum Conseil national des programmes zu de Programmkommissionen soll bestoen.

An elo erënneren ech dann un dee Bildungsdesch, wou mer dann elo sollen um Enn vun der Legislaturperiod och nach consultéieren driwwer. Do soll alles un een Dësch kommen. Ben, ech wëll dem Här Minister da just soen, datt hei d'Dëscher awer nach ferm getrennt gi sinn! De Bildungsdesch, dat wäert sécher eréischt, déi Iddi wäert sécher eréischt duerno opkomm sinn.

Mir kruten awer erkläert, wéi d'Zesummenaarbecht dann elo soll lafen. De Conseil national des programmes, dee mécht dem Minister seng Propos. Falls deen d'Propos zrëckbehält, da gëtt dee se un de SCRIPT; well do hu mer jo och nei Abteilunge geschaaft an do gëtt et och eng Abteilung fir den Développement curriculaire. Dee formuléiert dann doraus d'Missionen, déi ginn dann erëm bei de Minister, an da beoptragt de Minister d'Programmkommission mat der Exekutioun.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Stéchuert „KISS“: „Keep it smart and simple.“ Dat schéngt op jidde Fall, ech hat dat schonn eemol hei gesot, net d'Devise ze si vum Här Minister. A wat nach zousätzlech problematesch ass, dat ass, datt d'Programmkommissionen riskéieren, an eng reng exekutiv Funk-

tioun gedréngt ze ginn. Ech bezweifelen, datt dat motivéierend fir déi betrafte Leit ass.

Saache gi séier a gutt ëmgesat vun de Leit, wann déi Betreffen och kënnen matdiskutéieren an -decidéieren, an net, wa se just eppes vun uewen erof zur Exekutioun matgedeelt kréien.

Firwat net déi Gremien, déi mer hunn, d'Programmkommissionen, stäerken an anescht opstellen? Hei hätt zumindest missen analyséiert ginn, ob eng Reform vun de Programmkommissionen net méi sennvoll an effizient gewiescht wier. An ee gutt Beispill, datt d'Programmkommissionen dat kënnen, krute mer souguer vum Ministère selwer gewisen, nämlech d'Informatik op der Sektoun B. Hei krute mer gesot, datt si et an engem Joer fäerdegbruecht hunn, dat ze maachen, wat si an zwielef Joer net gemaach hunn, an dat als Programmkommission, an dat ouni Conseil national des programmes! Et geet also!

Als CSV hu mer op jidde Fall keng Loscht, ëmmer erëm nei Gremien ze schafen, ouni datt kloer ass, datt iergendeppes um Terrain ukënn. Well mer awer fannen, datt d'Programmkommissionen an der Grondschoul wichteg sinn, wäerte mer net géint dëse Projet de loi stëmmen, mä mir wäerten eis enthalen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Aah! Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Claude Haagen huet d'Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Jo, Merci, Här President. Zu der Schafung vun deem neie Programmrot an och der Iwwerschaffung vun der Base légale fir d'national Kommissionen an eben de Verbindungen, déi do geschafe ginn, ginn ech mat engem Merci un de Rapporteur fir deen ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. A vun engem Claude zum anere Claude, dës Keier den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Et schéngt eis evident, datt et wichteg ass, fir e Cadre curriculaire fir eis Schoulen ze hunn, deen d'Strooss hält. Am Projet de loi gëtt den Term „curriculaire“ oft gebraucht. Ech mengen därferen ze soen, datt mer mam Hiweis op de Cadre curriculaire fir eis Schoule wëllen zum Ausdrock bréngen, datt mer net just Programmer a verschiddenen Disziplinne Joer fir Joer niewenteneestellen.

Et ass wichteg an et geet drëm, datt mer an der Schoul beim Enseignéieren e globale Projet hunn, wou d'Fächer aneneegraifen a sech méiglechst kontinuéierlech ubidden. Den Enseignant selwer soll sech a sengem Programm-kader zurechtfinden a responsabel spieren. De Schüler soll kënnen op seng Erfahrungen opbauen an net duerch en ze vill abstrakten, linearen Opbau vum Unterrecht discouragéiert ginn.

Dat Gerüst, wat mer hei schafen, ass eigentlech näischt, wat mer ganz nei schafen. Mir ginn eis eng Struktur, mir ginn eis e gesetzleche Kader fir eppes, wat mer schonn haten. A mir mengen, datt mer mat der Schafung vun engem Conseil national des programmes, mat enger nationaler Programmkommission fir d'Grondschoul an enger zweeter fir de Secondaire e wichtegen a richtige Schrëtt a Richtung méi Kohärenz am Enseignement an eise verschiddene Schoule maachen.

Mir sinn och der Meenung, datt dës Schrëtt wichteg ass, besonnesch an Zäiten, wou mer méi Autonomie fir d'Schoule froen an och de Schoule bereet sinn ze ginn, an datt et do ëmsou méi wichteg ass, datt mer eng Struktur, e Kader hunn, deen déi Schoulprogrammer och esou ausschafft, datt se d'Strooss eben halen.

An deem Sënn bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.**- Exzellent!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och ufänke mat engem häerzleche Merci un den Här Lamberty fir en exzellente Rapport.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat ass wichteg.

An ech wollt eigentlech mech den Echo maahe vun deenen Iwwerleeungen, déi och schonn anerer hei gesot hunn, datt mer hei erëm eng nei Institutioun schafen, vun där alles anescht wéi sécher ass, ob mer se iwwerhaupt brauchen. Eis Konklusioun ass net nëmmen, datt mer se net brauchen, mä datt se souguer geféierlech ass! A si ass ongerecht! Si ass onge-



recht géintiwwer deenen Akteuren, déi sech bis elo haaptsächlech ëm d'Ausschaffung vun de Programmer gekëmmert hunn, nëmmelech de Professeren.

Mir hunn an dëse Jore jo ëmmer héieren, wéi wichteg d'Ausbildung vun de Professere wier. Si sinn d'Experten am Unterrechtswiesen. Et ass vill geschwat gi vu Pädagogik, vun Didaktik, déi muss ausgeschafft ginn, datt d'Didaktik méi wichteg soll ginn. An den Här Minister Meisch huet do eng ganz Rei Initiative geholl an deem Beräich.

A schlussendlech um Enn vun dëser Legislatur-period ginn d'Experte praktesch entmuecht a si kréien eng Commission nationale des programmes virgesat. Dat ass net harmlos! Wéi Gespréicher waren, fir eng Kommissioun ze schafe fir d'Magistratur, fir der Magistratur virgesat ze ginn, hu sech zu Recht d'Magistraten dergéint gewiert. Si hunn d'Onofhängegkeet vun der Justiz a Gefor gesinn. Hei ginn d'Professeren eigentlech an hirem Domän entmuecht, well, wéi d'Madamm Hansen et och scho gesot huet, wann herno eng Propositioun vun där do Kommissioun vum Minister zrëckbehale gëtt, da kréien d'Professeren dat just nach pour exécution. Si, eigentlech déi Hauptverantwortlech am Unterrechtswiesen, ginn hei zu Sous-fiffres degradéiert.

Dat kann een an deem ganzen Newspeak an där Education nationale, wéi en an deene leschte Joren agezunn ass, an där „novlangue“, wéi et op Franséisch heescht, alles probéieren ze justifiéieren mat schreckleche Sätz! Den Här Wagner hat virdrun e schreckleche Saz zitéiert. Ech wäert lech och een zitéieren - Sätz, déi eigentlech nëmmen nach verstoppen, verniewelen a keng Ausso méi hunn, déi ee wierklech kéint direkt an iergendeng sproochlech Logik iwwersetzen: «(...) le cadre curriculaire vise à établir une cohérence verticale entre les différents niveaux conceptuels curriculaire et les enseignements pour devenir ainsi un garant de la cohérence transversale entre les différents programmes disciplinaires.»

Dat klängt franséisch, dat ass awer net méi franséisch. Dat ass iwwerhaapt näischt! Dat ass Niwwel, Niwwel, Zesummesetzung vu Wierder, fir ze soen: „Mir hätte gär eng méi kloer politesch Kontroll iwwert den Inhalt vun der Schoul. An dofir brauche mer gesellschaftlech Akteuren, déi eigentlech zesummekommen an der Schoul hir Orientéierung solle ginn.“ An dat ass déi politesch Absicht hei hannendrun, niewent villen anere Reformen, déi an deemselwechte Sënn vun dëser Koalitioun gemaach goufen.

Et steet ëmmer erëm an den Texter, de Conseil national des programmes, deen ass do, fir «les nouvelles demandes qui émergent des mutations sociétales» ze observéieren. E soll sech un den „pays phares“ orientéieren, déi dorëmer sinn, an e soll eigentlech dat dann alles kucken, wat d'gesellschaftlech Entwécklung sinn.

Mä wann een e Conseil national des programmes hätt wëlle kréieren, deen den Numm verdénkt, dann hätt ee solle kucken, datt e soll de Kontakt halen zu der Welt vun der Wëssenschaft zum Beispill, zu der Welt vun der Literatur an der Konscht, zu der Welt vun der Berufsausbildung, fir vläicht Impulser ze ginn, déi wierklech an e Curriculum gehéieren, fir eng Schoul ëmmer op engem héijen Niveau ze halen. Dat ass hei absolut net d'Absicht! Hei geet et just ëm gesellschaftlech Verännerungen, wat och ëmmer dat soll heeschen, déi an d'Schoul sollen erabruucht ginn.

D'Schoul ass och do, fir de Leit emol eppes bäizebréngen, fir hinnen, wéi gesot, e Wee an d'Liewen ze erméiglechen, amplaz fir gesellschaftspolitesch Konzepter hei ëmzesetzen. Ech erkennen Är Partei wierklech net méi erëm do, Här Minister!

Et ass och esou: Déi „pays phares“, déi hei zitéiert ginn, wat hunn déi da selwer fir katastrophen Resultater an där Politik, déi se an deene leschte Joren applizéiert hunn? D'Reforme vum Lionel Jospin a Frankräich, déi mir hei als Delvaux-Reformen ëmgesat hu kuerz drop: Wat ass dann d'Resultat dovunner, wann net en Nivellément vers le bas an eise Schoulen? Wat ass dann déi Diskussioun an Däitschland, déi op ville Plaze geféiert gëtt ëm d'Reduzéierung vun der Zuel vun de Schouljoren, wou mer elo erëm an déi aner Richtung ginn?

U wéi enge Länner solle mer eis dann inspiréieren un hiren negativen Erfahrungen, amplaz de Courage ze hunn, fir ze soen: Wat ass fir Lëtzebuerg dee richtege Wee? Wat ass fir eist Land dee richtege Wee? Wat brauche mir a wat maache mir, fir och eis Identitéit als Land an eis Konkurrenzfähigkeit als Land kënnen ze erhalen an deem Kontext, deen ech schonns skizzéiert hunn, nëmmelech de Kanner wierklech Bildungsan Ausbildungschancen ze ginn?

D'Chambre des Fonctionnaires huet dee richtege Wee opgewisen. Wann et lech wierklech drëm gaange wär, fir d'Kohärenz tëschent de Programmkommissiounen ze verbessern, dat hätt ee kënnen maachen ouni en neit politescht Organ. Et hätt ee wierklech kënnen probéieren, déi Leit méi zesummenzebréngen, wann et iwwerhaapt néideg ass. Mä ech zweifelen net drun, datt déi Programmkommissiounen och elo schonn ofgestëmmt hunn, wat huet missen ofgestëmmt ginn, och wann nach Verbesserungspotenzial vläicht do wär, awer mat de Professeren zesummen an am Vertrauen zu de Professeren.

Ausserdeem wëll ech och net messen, Här Präsident - an ech kommen zum Schluss -, ze soen, datt och an dësem Gesetz d'Demokratesch Partei eng Quoteregelung ageschriwwen huet, eppes, wat fir d'ADR net akzeptabel ass.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** Leschte Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** Merci, Här Präsident. Ech wäert mech e bësse méi kuerzfaasse wéi virdrun. Ech kann awer och scho matdeelen, datt mer dëse Gesetzesprojet och net wäerten ënnerstëtzen.

Selbstverständlech mécht et Sënn, esou eng Commission nationale des programmes op d'Been ze setzen, fir eng gewësse Kohärenz an dat Ganzt do eranzebréngen. Mä ausschlaggebend ass ëmmerhin d'Zesummesetzung vun dëser Commission nationale des programmes. An do hu mer erëm eng Kéier deeselwechte Problem wéi virdrun.

Amplaz datt een eng demokratesch Zesummesetzung vun dëser Commission nationale des programmes hätt mat Leit, déi wierklech eppes mat der Schoul direkt ze dinn hunn, oder Leit, déi sech och fir d'Schoul richtege interesséieren, datt een e Modus virgeséich, datt een e bësse méi Fantasie géif spille loosse, fir dat demokratesch zesummenzesetzen, hu mer eng autoritär, arbiträr Ernennungsprozedur, déi franchement net dem 21. Jorhonnert gewuess ass. Mä bon, datt schéngt de Problem vun der Regierung ze sinn.

Mir wëssen nach ëmmer net, wien déi Experte sinn. Ech kéint erëm op dat zrëckkommen, wat ech virdru gesot hunn, och iwwer Newspeak, Novlangue ze schwätzen. Et misst een eng Consultationsdebatt doriwwer maache vläicht, dat wier och interessant.

Mä a Wierklechkeet, wie wäert do drätsen? Leit, also ech weess net, wat d'DP sech do virstellt: ee vun der Fedil, ee vun der UEL, ee vun der ABBL, ee vun der ALFI, vläicht ee vun der Chambre des Salariés pour faire bonne figure? Ech weess dat net. Ech iwwerdreiw vläicht do e bëssen. Mä op jidde Fall si mer net ganz zeffridden domadder.

An dann natierlech kann ee soen: „Oh, dann organiséiere mer Forummen!“ «Cause toujours, tu m'intéresses.»

(**Hilarité**)

Wéi soll dat da fonctionnéieren? Well iergendeng Kéier... Mir si justement derfir, datt och e Maximum vu Leit kënnen matdecidéieren. Mir sinn derfir, datt ee Budget-participatif mécht, datt een dat och kloer organiséiert, mat klore Regeln, an datt een och kloer seet, wie wat ze decidéieren huet. Dat doten ass relativ flou.

A wa mer scho bei «Cause toujours, tu m'intéresses» sinn, just eng kleng Saach: Ech hat net d'Geleeënheet, dat ze soen, well ech wouss et net, mä franchement, eng Consultationsdebatt ze organiséieren um Enn vun enger Legislaturperiod...

(**Interruption**)

...an dat einfach esou ze annonciéieren! Also, mir hu schonn eng iwwert den Aménagement du territoire, mir hunn eng iwwert d'Mobilitéit, mir hunn eng iwwert de Logement. Mir sinn

um Enn vun dëser Legislatur an elo gëtt d'Chamber gefrot, ginn d'Deputéiert gefrot an d'Fraktiounen gefrot, fir hir Meenung ze soen! Ech soupçonéieren emol e bëssen, datt d'Regierung dat nach benotze wëllt, fir duerno um Enn vun dëser Legislaturperiod ze maachen, wéi wa se immens vill gemaach hätt an esou weider.

(**Interruptions**)

Ech fannen dat net seriö!

An et ass och net ganz respektvoll vis-à-vis vun der Chamber, fir dat e puer Méint virun de Wahlen ze maachen. Et wier besser gewiescht, mir hätten dat am Ufank gemaach. Da wier vläicht d'Regierung och e bësse méi inspiréiert gewiescht.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet den Erzéiungsminister, den Här Claude Meisch.

(**Prise de position du Gouvernement**)

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, och hei nach eng Kéier e grouse Merci un de Claude Lamberty als Rapporteur, deen eis an de Sënn an an de Fonctionnement vun engem nationale Programmrot agefouert huet.

Eng Äntwert fir d'Madamm Hansen: D'Formation générale an der Berufsausbildung gëtt verankert an der Reform vun der Berufsausbildung, déi deemnächst och wäert duerch de Regierungsrot goen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dat heescht, déi huet elo keng Base légale?

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Jo, dann hat se scho länger keng! An da wäert och deementspreechend de Règlement iwwert d'Commission nationale des formations dat am Detail regelen.

Et gëtt, mengen ech, hei viles duerjerneegeheit. Et gëtt eng Kéier gesot, et géif en direkte Lien ginn tëschent dem nationale Programmrot an den nationale Programmkommissiounen. Op där anerer Säit gëtt dann awer gesot, de Minister géif dann de Programmkommissiounen e kloren Optrag ginn.

D'Programmkommissioun sinn op jidde Fall weider fir hir Aarbecht, wéi de Programm, de schoulesche Programm, wéi d'Didaktik, wéi d'Pädagogie, wéi déi Vernetzung an de Programmer tëschent deenen eenzelne Klassen, deenen eenzelne Regimenter, tëschent deenen eenzelnen Alterskategorien, alles dat, do sinn eenzeg an eleng d'Programmkommissiounen, esou wéi se dat bis elo haut gemaach hunn, zoustänneg, well si sinn déi Eenzeg, déi do Kompetenz hunn an d'Erfahrung hunn. An et denkt keen aneren drun, hinnen do iergendwéi eppes virzeschreien.

Ech denken awer, datt et net falsch ass, datt gesellschaftlech Akteure formuléieren, wat haut 2018 an duerno vun der Schoul erwaart gëtt, wat haut e jonke Mënsch muss kënnen, fir duerno eegestänneg kënnen duerch d'Liewen ze goen an där Welt, wéi se haut dann ass an an Zukunft ebe wäert sinn, wann dee jonke Mënsch och wëllt berufstätig ginn, wann e seng Verantwortung als Bierger wëllt huelen, wann e wëllt e kritesche Bierger och sinn an u gesellschaftlechen Diskussiounen wëllt kënnen deelhuelen.

Alles dat, denken ech, muss och iergendzousch eng Kéier diskutéiert a formuléiert ginn. An dat ass eben och den Optrag, deen esou en nationale Programmrot huet. An ech denken, datt dat schoulesch Akteuren net eleng kënnen maachen. Jo, dat sinn d'Experten, fir ze kucken, wéi dat herno ganz konkret ëmgesat gëtt a Schoulprogrammer.

Hätte mer eppes wéi en nationale Programmrot scho gehat, denken ech, hätt et net bis d'Joer 2017 gedauert, bis mer eng Sektoun fir Informatik a Kommunikatioun am klassesche Lycée kritt hätten, hätt et net bis haut gedauert, datt mer eis op villen anere Contenuen eigentlech elo eréischt eens ginn, datt dat méi wichteg ass a méi staark muss kënnen Gewiicht kréien. An duerfir brauche mer gesellschaftlech

Akteuren an e kloer definéierte Prozess, wéi déi sech och dozou äusseren, déi net herno en Optrag formuléieren u Programmkommissiounen, mä déi éischter de Minister, d'Regierung consultéieren, a wou ganz kloer dann nach ëmmer de politesche Pouvoir seet, wat dann do ëmzesetzen ass a wat do net ëmzesetzen ass. Dat ass déi Konstruktioun, déi mer hei gewielt hunn.

Op jidde Fall hunn ech bis ewell vermësst, datt d'Schoule sech do - an dee ganze Bildungssystem - genuch opgemaach huet fir d'Gesellschaft, fir d'Uspréich vun der Gesellschaft un d'Schoul. An ech fannen, datt d'Schoul an dee ganze Bildungssystem sech e Stéck wäit ze vill op sech selwer konzentréiert hunn. An dat ass eigentlech net den Optrag, dee mer engem Bildungssystem muss mat op de Wee ginn. D'Schoul schafft net fir sech selwer. D'Schoul schafft fir d'Gesellschaft a muss sech där natierlech upassen a muss duerfir och en oppent Ouer hunn, wat d'Besoinen vun der Gesellschaft, vun enger sech schnell wandelnder Gesellschaft sinn.

En anere grouse Pluspunkt ass, an ech mengen, datt do d'Unanimitéit e bësse méi grouss ass heibannen, datt mer och d'Programmkommissioun am Fundamental kréien, fir virun allem och do nach eng Kéier Kohärenz kënnen sécherstellen tëschent dem Fundamental an dem Secondaire, eng Thematik, déi iwwer Joren, denken ech, diskutéiert gouf. Hei gi mer eis och dat Instrument, fir do-robber kënnen anzewierken, datt den Ënnerschied tëschent de Contenuen am Fundamental, zum Schluss vum Fundamental, an am Ufank vum Secondaire iwwerbréckt ka ginn an datt mer do méi enk dat zesummeknäppen, fir datt et méi reibungslos fir awer alleguerten eis Schüler geet, wa se vum Fundamental an de Secondaire wiesselen.

Ech wëll duerfir all deenen Deputéierten, déi un der Debatt deelgeholl hunn, besonnesch deenen, déi hei zoustëmmen, e ganz, ganz grouse Merci soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** Merci. A mir sinn elo prett, fir iwwert de Projet de loi 7076 ofzestëmmen.

(**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7076 et dispense du second vote constitutionnel**)

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

32-mol Jo, 5-mol Neen, 23 Enthaltungen: Domadder ass de Projet de loi 7076 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Cécile Hemmen), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth (par Mme Martine Mergen), Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Ech ginn lech Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer. Merci.

(**Fin de la séance publique à 19.01 heures**)



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

